***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 22. Juli 2024 um 19h30 an der Konstgalerie zu Lellgen***

| | |
|---|---|
| <u>Präsenzen:</u> | Patrick Bormann, Maurice D'Incau, Jos Fischbach, Yves Kaiser, Paul Poncin, Christian Schmit |
| <u>Ofgemellt:</u> | Serge Zenner |

---

## 1. Organisation d'une excursion

De 5. Oktober gi mer fir 10 Auer an de Schifermusée op Maarteleng. Jee no Umeldungen huele mer e Bus, deen d'Gemeng bezilt, oder mer fuere mat por Autoen dohinner. D'Umeldunge solle bis den 20. September goen an d'Unzuel ass op 24 Lekt begrenzt. Mer hunn äis fir eng Eegeparticipatioun vun 10 € entscheet. No der Visitt ass nach engt gemeinsaamt Mëttegeesse virgesinn.

## 2. Projet Hausschëlder

De Jean-Marie Boumans wor als externen Expert an d'Kommissioun invitéiert ginn. Heen hott por Erklärungen zu den Hausnimm ginn. Des goufe virun allem fréier benotzt well et deemools nach keng Stroossennimm an Hausnummere gouf. Sou konnten d'Haiser identifizéiert ginn.
Insgesamt ginn et fir 269 Haiser al Hausnimm an der Gemeng Kiischpelt. De Jean-Marie associéiert des Hausnimm iwwert di nächst Woche mat den aktuellen Adressen. Doropshin schreift d'Kulturkommissioun all d'Proprietären mat engem Bréif u fir ze gesinn, ween alles Interessi un enger Plackett mam Hausnumm hott.

## 3. Projet QR-Code

De Christian hott ugefong eng Lëst mat Plazen a Monumenter op ze stelle wou ee QR-Code kinnt ubréngen. D'Fro wou d'Informatioune sollen zentraliséiert ginn, konnt nach net ganz gekläert ginn. Et ass och diskutéiert ginn, wéi vill Detailer bäi den eenzelne Punkten néidig wieren. En Tourist dee vu wäit hier kënnt, intresséiert sech warscheinlich just fir wéinig Detailer mee wëll just wossen, wou drëm et sech handelt. E Bierger aus der Gemeng selwer, wëll warscheinlich éischter méi déifgräifend Detailer wossen.
Mir ho festgehalen, datt den Yves Kontakt mam Christian Keiser vum Naturpark Our ophëlt. Et soll ofgekläert ginn, wou et am sënnvollste wier, datt des Donnée gespäichert wieren.

## 4. Autres projets

- Op der Petangspiste zu Pënsch feelt e Bord, sou datt d'Bullen net konne vun der Piste rullen. Et ass proposéiert ginn, fir een Deel vum Sand raus ze huelen. Doduerch géif di aktuell Bordure verhënneren, datt d'Bullen d'Piste verlossen.
- De Paul ass der Meenung, datt virun der Maintenance-Foss zu Mäerkels par définition kee Funiculaire ass. D'Lorrye ginn einfach mat engem Seel ropgezunn. D'Fro wat mer mat dëser Informatioun konne maachen, ass net gekläert ginn.
- D'Monument „Lily a Pit", wat 2002 vun de Scouten op der Vëlospiste zu Wëlwerwolz opgeriicht gouf, ass an engem zimlich schlechten Zoustand. Als Kulturkommissioun kéinte

mer et jee no Opwand rëm an d’Rei setzen. An der nächster Reunioun gi mer et kucken an entscheeden da wieder Schrëtt.

## 5. Divers et prochaine réunion

- De Vitor hott sech aus der Kulturkommissioun raus gemellt. De Schäfferot mécht en Opruff fir nei Memberen an d’Kommissioun ze nominéieren.
- Di nächst Versammlung soll **an der Woch vum 21. Bis 26. Oktober** statt fannen. Detailer kommen no.

Uppsala, den 1. September 2024

**Christian Schmit**

Präsident

**Jos Fischbach**

Sekretär